Dass d'Press z'invitéieren ass, mengen ech ass eng Selbsverständlechkét. Genau esou wéi mer versiche mussen, Samschtes, um Vieröwend vun eiser Journée eng hallef Stonn op Radio-Letzeburg zur Verfügung kréien fir eng Emissioun zu eiser Journée.

<u>30 août 197o</u> - Schobermess

Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force.

* * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * *

- Dest Joer soll et nömmen eng Feierstonn - eng Gedenkstonn sin. Mir organiséieren keng grouss offizell Feiere méi, bei dénen d.Politiker sech sonnekommen. Lâng genuch hun se ons gefâlen Komerôden mössbraucht zu hiren égoisteschen Avantagen. Domadde muss elo och onbedengt Schluss sin.
- Um Kano'nenhiwel.
- Eist einfacht hözent Kreiz göt do opgeriicht. Et soll esou lâng do stoe bleiwen, bis et eis gefällt et ewèch ze huelen. Et soll jo nömmen kèng Résistenz oder soss én eis eppes doranner riéden!
- d'Associatiounen an d'Sektiounen sin z'invitéieren, jidverèng fir sech, e Kranz oder èng Gerb virum Kreiz néierzeléen.
- Ons Memberen sollen a grousser Zuel un der Feier délhuelen.

9 Bréif sin ze schreiwen un de Grand-Duc, d'Regierung, d'Chamber an de Bistum. Grondiddi dovun:

d'Enrôlés si verstouss a schlecht behandelt hei am Land. Wién de Géigendél behâpt, dé lit. Mir sin nöt berét fir d'Solidarité Nationale op Ligen opzebauen!

- Mir stellen eis Solidaritéit an Eenegkét, déi mat Tréinen a Blutt zesumme geschwéesst gouw, önner Beweis an éieren eis doudeg Komerôden op eng wiérdeg Art a Weis.

Eis Memberen sin z'invitéieren an dèr Zeit wou d'Kreiz um Kano'nenhiwel steht, all kéiers wann si oder én vun hirer Famill do passéiert, e pur Blummen nidderzeléen.

<u>d'Gedenkstonn.</u>

a) Rassemblement virun der Herz-Jesu-Kirech (Letzebourg-Gare)
b) <u>Cortège</u>
   1° d'Fuendelen
   2° de Comité Central
   3° all Kränz a Gerben gin am Cortège matgedroen
   4° d'Memberen, Elteren a Familjen.
c) De cortège geht é Stéck Wés iwer den Bv. de la Pétrusse, dann iwer de Viaduc bis bei d'Kreiz um Kano'nenhiwel.
d) d'Kreitz soll Nuets beliicht sin.
e) Kèng Riéd dén Dâch!
   Eng Musek, jo oder nén?
   E gesangverein, éventuell de Monnerecher Kannerchouer?
   Et kann én awer och iwer d'Haut-parleurs-Anlâg passend Musek iwer Magnetophon spillen.
   E Kand, Médchen oder Jong(8 bis lo Joer) sét e Gedicht op, éventuell dât vum Fr. Steffen am "Sacrifiés" lo/67 Seit 3.
   E Adolescent (15.- 16 - 17 Joer) en ânert.
   Appell aux morts.
   En Enrôlés spillt d'Sonnerie aux Morts
   D'Blummen gi niddergeluecht.

<u>Distribution des rubans de l'association.</u>

Duerfir ass e Sall an der Stâdt ze sichen. Dékoratioun wir vierzehuelen duerch den Här Simonis, den Här Dr. Schroeder. Mais beiliewen ké Politiker. Déi lôsse mer esou gèckeg nöt méi bei fir Stömmen ze sammelen. An dém Sall könnt d'Associatioun en E'erewein offeréieren.

Propositions faites par Jean Hames.

8.7.7o